Lëtzebuerger Club Roude Léiw

# Hierschtrencontre

De Lëtzebuerger Club Roude Léiw as frou, Iech den

**28. September 2025**

**um 11h30**

op Romanshorn ze invitéieren.



Mir treffen eis am

## Ristorante Porto

Friedrichshafnerstrasse 54
8590 Romanshorn



Dësen Hierscht zitt et eis an den Nordoste vun der Schwäiz, an den Thurgau, un de schéine Bodensee. Mir huelen en Apéro op der sonneger Terrasse direkt beim Séi an iessen duerno gemittlech zesummen. Um Menü steet ee “Pastaplausch”, mat saisonalen Zaloten a Glace.

Vir all déi di wëllen, proposéiere mir nom Iessen en Tréppeltour laanscht de Séi an duerch d’Uertschaft (1,5 St.); dat deet der Verdauung gutt.

Präis: 70 Fr. fir Memberen, 100 Fr. fir Gäscht an 30 Fr. fir Kanner. Am Präis abegraff sinn: Iessen a Gedrénks.

**NB:** Et ass natierlech méiglech a jidderengem iwwerlooss, op eege Fauscht, den Openthalt zu Romanshorn ze komplétéieren, zum Beispill: mat enger **Bootstour**: (https://www.bodensee-schiffe.ch/kursschifffahrt-fahrplaene/), enger Visite an der **Autobau-Erlebniswelt** (https://www.autobau.ch); oder am **Locorama** (https://www.locorama.ch); oder am **Museum am Hafen** (https://www.museumromanshorn.ch) direkt niewent dem Restaurant.

Firwat nët an deem Fall e puer Aktivitéiten an e Weekend aplangen?

Fir d’Umeldung a wa Froe sinn, mellt Iech beim Jerry Philipps.

djayphil@gmail.com

oder 079 137 0707

Mat Ärer Iwwerweisung bis den 11. September 2025 sidd Dir definitiv derbäi.

* * * * *

**De Comité freet sech op Iech alleguerten.**

**Wéi Dir dohinner kommt:**

**mam ÖV**, mat der Eisebunn, mat ganz gudden a villen Verbindungen (IC, IR). Romanshorn läit jo op enger vun den Haaptstrecken am Zuchnetz vun der Schwäiz. Vum Zuch aus fällt ee quasi direkt op den Hafen an der Restaurant.

**mam Auto**, op de Parking direkt hannert dem Restaurant; di genau Adress fir de GPS ass: Friedrichshafnerstrasse 53, 8590 Romanshorn

PS 1: Eisen nächsten Treff plange mer fir d’Fréijoer 2026, an zwar viséiere mer den 26. Abrëll un. Merci fir d’Viirmierken.

PS 2: Bäigeluecht och, zu Ärer Informatioun, den CV vun den neie Comitésmemberen Danielle a Jerry.

## Empfangsschein

**Konto / Zahlbar an**
CH63 0900 0000 8743 1297 4
Lëtzebuerger Club Roude Léiw
8000 Zürich

**Zahlbar durch (Name/Adresse)**

**Währung** **Betrag**
CHF

**Annahmestelle**

## Zahlteil

**Währung** **Betrag**
CHF

**Konto / Zahlbar an**
CH63 0900 0000 8743 1297 4
Lëtzebuerger Club Roude Léiw
8000 Zürich

**Zahlbar durch (Name/Adresse)**